# Dossier de presse :

## Conférence de presse du 27.06.2018 au Centre ARCA à Bertrange :

# KOLLAPS AN DER AUSBILDUNG VUN DE GESONDHEETSBERUFFER ZU LËTZEBUERG ?

ALEPS asbl

Association Luxembourgeoise des Enseignants pour Professions de Santé

ALEPS
12, rue M. Montessori.
L-6139 JUNGLINSTER
E-mail : gilles.evrard@education .lu
GSM : 691.41.60.41

ALEPS
12, rue M. Montessori.
L-6139 JUNGLINSTER
E-mail : gilles.evrard@education .lu
GSM : 691.41.60.41

Bartreng, den 27.6.2018

# Pressekonferenz 27.6.2018

## KOLLAPS AN DER AUSBILDUNG VUN DE GESONDHEETSBERUFFER ZU LËTZEBUERG ?

D'ALEPS, d'Association Luxembourgeoise des Enseignants Pour Professions de Santé asbl, déi sech zanter 2001 fir d'Qualitéit an der Ausbildung vun de Gesondheetsberuffer zu Lëtzebuerg asetzt, stellt sech d'Fro wéi et soll weider goe mat dëse Formatiounen?

**De chronesche Personalmangel deen sech entretemps zum akute Problem entwéckelt huet féiert à court terme elo zum Kollaps.**

**D'ALEPS fuerdert , dass déi 3 Ministèren: Ministère de l'Education Nationale et de la Jeunesse (MENJE), Ministère de l'Enseignement Supérieur et de la Recherche(MESR) an den Ministère de la Santé(MS) endlech hier Verantwortung iwwerhuelen, sech un en Desch setzen ,an Neel mat Käpp maachen.**

Zum Kontext : Den LTPS, Lycée Technique pour Professions de Santé, as déi eenzeg Schoul am Land déi folgend Gesondheetsberuffer ausbild: ATM en chirurgie,ATM en Radiologie , Hiewanen, Infirmier en soins généraux mat de Spezialisatiounen : Infirmier pédiatrique, Infirmier en psychiatrie an Infirmier en anesthésie et réanimation ,esou ewei och Aide-soignant'en

Am LTPS stellen sech am Moment folgend akut Problemer :

1. **Besuergnesereegende Proffenmangel aus dem Gesondheetsberäich**

Am Schouljoer 2011-2012 hunn 91 ETP- Enseignants, spezialiséiert am Beräich Santé, bei enger Schüler/Studentenzuel vun 1064 enseignéiert.
Am Schouljoer 2017-2018 sinn et 90 ETP déi bei 1406 Schüler/Studenten ënnerriichten esouwuel an der Praxis ewéi an der Theorie.

Während et am LTPS eng Augmentatioun vun 32,14 % vun der Schüler/Studentenzuel get, bleiwt de Staff vun Enseignant'en, dee selwechten. D'Enseignant'en am LTPS si säit Joere mat Iwwerstonne belaascht a stoussen am Moment unn hier Grenzen.

D'Zuel vun den Départs en Retraite depasséiert largement d'Zuel vun de Kandidaten am Stage pédagogique. Obschonn des Situatioun scho säit méi wéi 10 Joer de Ministèren bekannt ass, huet nach keng Regierung et fir néideg fonnt de spezifesche Beruff vum Professer am Beräich Gesondheet méi bekannt ze maachen. Enner dësen Ëmstänn ass et schwiereg d'Qualitéit vum Enseignement an der Theorie esou wéi an der Praxis am Spidol, an den CIPA a Fleegeheemer ,an an den Soins à Domicileservicer op deem selwechten Niveau ze hale wéi bis elo. Wéinst dësem akute Personalmangel konnte schonn dëst Joer e puer Aide-soignantsklassen net opgoen , a wichteg innovativ Projet'en wéi z.B d'Simulatioun kennen net mat der néideger Vitesse weidergefouert ginn.

De Risiko besteet à court terme, dass en Numerus Klausus agefouert misst gin faute d'effectif wat sécherlech eng kontaproductiv Mesure wier, well ëmmer méi fleegebedierfteg Leit d'Hëllef vu Lëtzebuerger Soignant'en brauchen.

2. **Attraktivitéit vum Studium : En BTS ass keen Bachelordiplom** !

Vun deene Leit déi eng Autorisation d'exercer als Infirmier zu Lëtzebuerg kruten, sinn teschend 2013-2017 just 10% vun den Diplomer vum LTPS ausgestallt ginn. (Vun 2010-2017 en Moyenne 75 Infirmiersdiplomer/Joër).

D'Zuel vun de Lëtzebuerger an der Fleeg get also stänneg méi kleng. Den LTPS misst also vill méi Infirmieren an aaner Gesondheetsberuffer ausbilden fir der Demande vum Land nozekommen.

Le tableau ci-dessous indique le pays d'origine des diplômes des infirmiers/infirmières qui ont obtenu une autorisation d'exercer au cours des années 2013-2017, en valeur absolue et en pourcentage des autorisations délivrées :

| 2013-2017 | B | D | F | L | Autre pays | Total |
|---|---|---|---|---|---|---|
| n | 406 | 733 | 1466 | 307 | 150 | 3062 |
| % | 13% | 24% | 48% | 10% | 5% | 100% |

Source : Direction de la Santé – Service des statistiques

An deene meeschten europäesche Länner ass d'Infirmiersausbildung op Bachelorniveau ugesiedelt.

D'Ufuerderungen un eng modern Fleeg ginn ëmmer méi héich, de Beruff get ëmmer méi komplex a spezifesch a fuedert nei a besser Ausbildungsweeër.

D'Afféirung vum **Bachelordiplom** wier eng wichteg Etapp fir d'Valorisatioun souwuel vum Infirmiersberuff, wéi och vun deenen aaner Gesondheetsberuffer déi um selwegten Niveau ugesiedelt sinn.

De BTS-Diplom deen d'Studenten am LTPS de Moment kréien ass manner attractive an versperrt den direkten Zougang zu verschiddene Carrièren wéi z.B. dem Enseignement, dem Management an der Fleeg oder eng spezifesch Ausbildung zur Advanced Practice Nurse (APN) déi am Ausland ëmmer méi zu enger qualitativ héichwaerteger Fleeg bäidréit.

De Bachelordiplom wier eng gutt Méiglechkeet d'Attraktivitéit vum Studium am Gesondheetsberäich an d'Luucht ze setzen an domadder gläichzäiteg och méi Jonker fir de Beruff vum Enseignant am Gesondheetsberäich ze rekrutéieren.
Eng Promotiounskampagne fir all Gesondheetsberuffer déi am LTPS ausgebild ginn (cf. Organigramme formations selon ALEPS ) misst onbedéngt parallel zur Aféierung zum Bachelorstudium organiséiert ginn.

## 3. Infrastrukturen

Säit 2007 , wou deen éischte Gesetzesprojet duerch d'Chamber gaangen ass , waarden d'Schüler , d'Studenten a Proffen aus dem LTPS Siège a Valan (provisoresch Annexe um Site Logopédie) an der Staat op en Neibau.
Den Avis vum Conseil d'Etat vum 9.Mai 2017 zum neie Gesetzesprojet ,deen am Juli 2017 gestemmt ginn ass, bréngt d'Problematik op de Punkt :

« Comme en 2007, le Conseil d'État recommande aux autorités gouvernementales d'entamer les travaux dans les meilleurs délais, afin de remédier à la situation actuelle de

l’enseignement dans le LTPS dans la région Centre, et de contribuer avec la mise à disposition d’infrastructures adéquates à l’attractivité des formations dans le domaine de la santé au Luxembourg. »

Den urgente Charakter deen de Conseil d’Etat ennersträicht schéngt net bei eiser Regierung ukomm ze sinn ….

An enger Aentwert vun enger question parlementaire vun der CSV schreiwt den Minister Bausch folgendes :

Vu que la date précise du relogement des réfugiés vers un autre site n’est pas encore connue, il est difficile, à ce stade, d’avancer une date pour l’ouverture du Lycée ; néanmoins elle sera possible au plus tôt à la rentrée scolaire 2022. D’après les plannings prévisionnels actuels les autres bâtiments, tels que le hall des sports pour le Centre de logopédie et les logements, pourront être mis en service fin 2020.


source : réponse de M. François Bausch , Ministre du Développement durable et des Infrastructures à la question parlementaire N°3789 du 2 mai 2018.

Méi ewéi 15 Joer fir en Lycée ze bauen deen dringend gebraucht gët ... daat ass skandaléis!

Wat fir ee Stellewäert huet d’Ausbildung vun den Fleegeberuffer fir eis Politiker?


D’Aleps fuerdert d’Regierung op ,den Dossier Fleeg an Ausbildung an de Fleegberuffer als prioritäre Sujet ze déklaréiren an endlech ze handelen !

# Organigramme des formations du LTPS




* brevet de technicien supérieur
** assistant technique médical
*** diplôme d'aptitude professionnelle

# Organigramme futur des formations du LTPS selon ALEPS




* Formations / années en projet